



Lëtzebuerg – 21/12/2022

Communiqué de presse

Jugendschutz = Jugendrecht

No de rezente Kriticke vum Parquet Général, der CSV an der M^e Nathalie Barthélémy Presidentin vun der ‚commission droit de la famille‘ vum Barreau, haut de Moien um RTL, gesi mir eis an der Pflicht fir ze reagéieren.

Den iewechte Verfechter vun de Kannerrechter hei am Land, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, Charel Schmit, huet sech kloer ausgedréckt: „*Ech kann déi éiweg Polemik net méi héieren, well et si schlussendlech Kanner a Jugendlecher déi dorënner leiden*“ (RTL – De Kloertext – 08/12/2022)

Genau des Meenung deele mir als Associatioun an als Interessevertriedung vun all den incarceréierte Persounen, ob al oder jonk. An eiser Aarbecht si mir oft mat Persoune confrontéiert, déi vu klengem un mat der Justiz a Kontakt ware – meeschtens hätten dës jonk Leit Schutz gebraucht, am Plaz Strof – och wann si mol eppes gestéibt haten.

Mir stelle fest, dass de Wee leider ze oft vum Foyer iwwer Dräibuer an der UNISEC op Schraasseg gefouert huet : dëse Zenario géllt et an Zukunft onbedéngt ze vermeiden.

Mir mengen, dass bal all Acteur sech eens ass, dass den aktuelle System net zefriddestellend ass, an dofir ass et wichteg fir sech un internationalen Normen z’inspiréieren an ee méi effikasse System op d’Been ze stellen dee zum Zill huet dem ‚*intérêt supérieur de l’enfant*‘ ze déngen!

Mir begréissen ausdrécklech déi nei Gesetzesprojeten iwwert de Jugendschutz a Jugendstroferecht. Et kann een effektiv vun engem Paradigmewiessel schwätzen - des Gesetzer stelle Weechen an déi richteg Richtung.

Bei eventuelle zukünftege Problemer, hu mir genuch Vertrauen an d’Politik (an an den ONE) dass dës Problemer kënne behewe gi – wéi zum Beispill beim Punkt vun der Permanence.

Mat der Trennung vum Jugendstroferecht a Jugendschutzgesetz, hu mir op der enger Seit ganz kloer „*Prozeduralrechter*“ fir de Mineur, an op der anerer Säit kréie mir mam Jugendschutz eng Administratioun (ONE), zesummegeat aus Experten, wéi spezialiséiert Sozialaarbechter, Psychologen oder Educateuren, déi sech ausschliisslech op d’Kand a seng Famill konzentréiere kënnen. Des Verännerunge katapultéieren eis net nëmmen an d’Joer 2022 wat Pozeduralrechter ugeet, mee sinn eng Plus-Value fir eis ganz Gesellschaft.

Mir felicitéieren der Madamm Tanson fir dëse grouse Schrëtt an encouragéiere Si fir änlech (an dréngend néideg) Schrëtter och an aneren Domainen (Prisong, alternativ Strofen, Moderniséierung vum Code pénal, usw.) unzegoen.

Zum Schluss wëlle mir de Präsident vun der Justizkommissioun aus der Chamber, de Charel Margue zitieren: „*Es ist einer der Punkte, auf die man als Politiker immer wieder pochen muss: Wir sind es, die bestimmen, wo es hinget und nicht die Wirtschaft oder einzelne Akteure, die in ihrer Blase verhaftet sind.*“ (Wort – 16/10/2022)

Gregory Fonseca
Vice-Président

ERAN, ERAUS
... AN ELO?

www.eran-eraus-an-elo.org